



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 10 SEP. 2021
Réf. QP-112/21

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°4830 « Divorce de ressortissants érythréens » du 11 août 2021 de l'honorable Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

Pour la Ministre de la Justice

Christine GOY
Secrétaire générale

Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Sam Tanson, Ministerin fir d'Justiz, an vun der Madamm Corinne Cahen, Ministerin fir d'Famill, d'Integratioun an d'Groussregioun, op d'parlamentaresch Fro n°4830 vum 11. August 2021 vum éierbaren Deputéierten Här Fernand Kartheiser

1) D'Nationalitéit vun enger Persoun ass eng Informatioun déi gefrot gëtt am Ufank vun der Prozedur fir ze kucken ob eng Ufro op Assistance judiciaire recevabel ass an ob d'Konditiounen vum Artikel 37-1(1) vum Gesetz vum 10 August 1991 iwwer d'Affekoten erfëllt sinn.

Anerersäits kann esou och dem Demandeur, wann en nach keen Affekot huet, een Affekot zougeuerdent ginn mat deem den Demandeur kommunizéieren kann.

Wann eng Demande op Assistance judiciaire bis accordéiert ass, gëtt déi Informatioun awer net als Statistik encodéiert, well se u sech net pertinent ass.

Di Donnéeë déi encodéiert ginn, sinn de Numm, Virnumm, d'Matricule, d'Adress vum Demandeur an wat de Sträitpunkt ass.

2) D'Recht fir de Revenu d'inclusion sociale (REVIS) ze kréien ass net un d'Nationalitéit vum Demandeur gebonnen, mee un d'Konditioun fir vun engem Droit de Séjour ze benefisséieren, am Registre principal du Registre national des Personnes physiques ageschriwwen ze sinn an effektiv do ze wunnen wou een seng Résidence habituelle huet.

Den Artikel 2 vum modifizéierte Gesetz vum 28. Juli 2018 iwwert de Revenu d'inclusion sociale mécht an deem Kontext just eng Distinctioun tëschent den Demandeuren déi Ressortissant vun engem Etat membre aus der Europäescher Gemeinschaft sinn, respektiv vun engem Land dat dem Accord sur l'Espace économique européen bäigetragt ass, vun der Schwäiz oder och nach den Apatriden an de Persounen déi vun der Protection internationale benefisséieren, op der enger Säit, an de Ressortissanten vun Drëttstaaten, déi ënnert keng vun de viregte Kategorien vun Demandeuren falen, ob der anerer Säit. EU-Bierger an déi Bierger déi hinnen assimiléiert sinn, mussen 3 Méint um Territoire residéieren bis ë Recht ob REVIS opgeet. Par contre, mussen d'Demandeuren aus Drëttstaaten ob d'mannst 5 Joer während deene leschten 20 Joer um Territoire residéiert oder awer de Statut vum Résident de longue Durée hunn, fir dass e Recht opgeet.

Fir ze verifiéieren an wat fir eng vun deenen zwou Kategorien déi jeeweileg Demandeure falen, consultéiert den FNS de Registre national des Personnes physiques.